



An Ärer Motioun - géint déi ech net prinzipiell sinn, wëll ech hei soen, och well ech fannen, dass d'Oppositionsparteie sech hei extrem korrekt a responsabel verhalen hunn - frot Der oder hutt Der festgestallt, dass elo eng substanzuell Trêve an der Indexfro komm wier -...

(Interruption)

...Merci; tjo, déi een am längste kennt, dat sinn u sech déi, déi ëmmer wëssen, wat engem feelt -, do sot Der, d'Zukunft vun eiser Finanzplaz wier onsécher.

An Dir sot, nodeem Der festgestallt hutt, déi Indexfro hätt sech elo fir déi nächst dräi Joer berouegt - wat a mengen Aen net heescht, dass se definitiv gekläert wier -, dass Der géift gären hunn, dass mer déi nächst dräi Joer notzen, fir mat allen Acteuren aus der Tripartite a mat villen aneren, der Société civile an de Fraktiounen, ee Gespréich ze féieren iwwer eng Refonte - een Iwwerdenken heescht dat jo, denken ech, eng Neiformuléierung - vum Lëtzebuerger Modell, an dee misst sech opsetzen op sozial Équitéit, wat ee Wuert ass fir sozial Gerechtegkeet, an op ekologesch Soutenabilitéit. Et geet awer mat der ekologescher Soutenabilitéit natierlech net duer, well Durabilitéit ass ee Begrëff, deen een net nëmme kann op d'Ekologie reduzéieren, dofir muss een dat méi breet faassen.

Dir frot, dass mer eng richteg Pensiounsreform solle maachen. Woubäi Der jo net verkenne kënnt, dass an där Reform, déi elo virgeluecht ginn ass, mëttelfristeg Aktiounsmechanismen enthalte sinn, déi duerchaus kënnen aktivéiert ginn, fir en Auserneefléie vun eise Pensiounsregime op eng durabel Aart a Weis ofzestellen. An Dir frot eng redistributiv Fiskalreform.

Do frot Der ganz vill, an hannert deene Wieder verstoppe sech jo inhaltlech „weite Felder“. Ech weess net, ob dat elo gutt ass, wann d'Regierung elo d'Acteure vun der Tripartite, d'Société civile, d'Fraktiounen einbestellt, fir doriwwer ze schwätzen, besonnesch well mer eis iwwert déi eenzel Notiounen a Begrëffer hei net eens gi sinn. Ech kann awer net ofstreiden an net verkenne, dass d'Noutwendegkeet vun engem méi ëmfaassende gesellschaftleche Gespréich iwwert d'Zukunft vun eise Land besteet. Do sinn ech ausdrécklech bei deem, wat Der eigentlech do ustriift.

Dofir dinn ech mech schweier, fir déi Motioun hin ofzelenen. Ech si mat einzelne Punkten do net d'accord, well ech se net richteg, voll-ëmfänglech verstinn, mä ech gesinn awer dee Souci, deen dohanner stécht. Dofir wollt ech lech zwou Propositionen maachen. Déi Éischt: De Wirtschafts- a Sozialrot, dee schafft jo elo erëm. Vlächcht kann een, wann de Wirtschafts- a Sozialrot op deenen Theme schafft, et fäerdegbréngen, dass ee mat all deene Leit um Niveau vum Wirtschafts- a Sozialrot, wou d'Sozialpartner setzen, zesumme schwätzt, fir dann zu gemeinsamen Konklusionen ze kommen.

A wann dat net geet, wat ech och ganz gutt verstinn, dass d'Fraktiounen net gären an de Wirtschafts- a Sozialrot ginn, well d'Deputéierten déplacéiere sech schon net, wann d'Gewerkschaften rufen, an déplacéiere sech scho guer net, wann d'Patronen och nach derbäikommen, fir se ze rufen, do wollt ech lech einfach soen, ech kann déi Motioun esou net unhuelen - ech sinn net géint se, mä ech sinn och net fir se; et kënnt mer selte vir, déi zwou Saachen an engem Saz ze soen. Mä ech jiddefalls, als Chef vun der Regierung, sinn à tout moment bereet, mat jiddwerengem hei am Land - Fraktiounen, Zivilgesellschaft, whatever - mech zesummenzesetzen, fir laansch d'Linne vun där Motioun, déi hei beschriwwen ginn, quitte dass se müssen nuancéiert ginn, mat all deene Leit ze schwätzen, déi eppes ze soen hunn.

Well mir sollten net mengen, dass d'Politik eleng zoustänneg ass fir d'Zukunft vum Land. Do brauche mer d'Leit alleguer. Mir brauchen déi Kräfte an der Gesellschaft, déi organiséiert sinn; mir brauchen och munch fräischwiegend Kräfte an der Gesellschaft; esou dass ech déi Motioun oflehnen a se gläichzäiteg unhuelen, wat wahrscheinlech e parlamentareschen Novum ass.

Ech soen lech Merci fir Är Gedold an ech wollt dës Tribün net verlossen, well mer hei am Parlament sinn, ouni mäi Respekt ze soe fir de Jeannot Krecké, mat deem ech schrecklech gären zesumme geschafft hunn!

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

(Applaudissements)

6. Hommage à M. Jeannot Krecké, Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur

► **M. le Président.** - Jo, Dir léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech wollt och bei Geleeënheet vun där leschter Kéier, wou de Wirtschaftsminister Jeannot Krecké un enger öffentlecher Sitzung vun der Chamber deelhält, awer e puer Wieder och am Numm vun lech alleguerten un hie riichten.

Dem Jeannot Krecké säi Wee an d'Politik ass 1981 ugaangen, wéi hie fir d'Éischt als Gemeengeconseiller zu Koplescht gewielt ginn ass. Duerno huet hie seng politesch Carrière um lokale Plang 1989 an der Stad Lëtzebuerg weitergefouert.

An d'Nationalpolitik ass hien 1989 komm, wéi hien als Deputéierten op der Lëscht vun der LSAP-Zentrum fir d'Éischt gewielt ginn ass. Hien huet sech während senger Carrière an der Chamber ganz speziell mat de wirtschaftlechen a finanziellen Froen beschäftegt an duerfir hat en dann och d'Présidentschaft vun der Wirtschaftskommission an der Commission du Contrôle budgétaire iwwerholl. Des Weidere war hien 1995 Rapporteur fir de Statsbudget 1996.

Hie war awer och ëmmer ganz besonnesch engagiert an de Chambersorganen, esou war hie vun 1994 bis 2004 Member vum Chambersbureau a vun 1997 bis 2004 war hien och President vun der sozialistescher Fraktioun.

No de Wahlen vum 13. Juni 2004 ass hien an d'Regierung geruff ginn, wou hien an der éischter Legislaturperiode fir d'Departementer vun der Économie a vum Sport zoustänneg war, a säit dem Juli 2009 ass hie Minister fir Wirtschaft an Aussenhandel. En huet sech ganz besonnesch an dëser Fonctioun an onzähligen Auslandsdéplacementer onermiddlech fir de Standuert Lëtzebuerg agesat an hie war domadder sécherlech ee vun de beschte Verkeefer fir de Label Lëtzebuerg.

De Jeannot Krecké huet viru Kuerzem d'Décision geholl, fir sech aus der aktiver Politik zrëckzézéien. Mir verléiere mat him e Kolleeg, dee seng politesch Fonctiounen mat vill Engagement a Kompetenz ausgefouert huet, wat hien eis haut de Mëtteg nach eng Kéier hei erëm bewisen huet. Hien huet op alle Plaze fir seng Iddien an Idealen gekämpft an hien huet dat ëmmer konsequent op eng fair Aart a Weis gemaach an en huet sech do net ëmmer nëmme Frënn gemaach, sief dat hei am Haus oder sief dat och a senger Partei respektiv bei de Sozialpartner.

Mir wënschen dem Jeannot a senger neier Etapp vu sengem Liewen, déi fir hien elo geschwéiert wäert ugoen, alles Guddes a soen him nach eng Kéier am Numm vun eis alleguerten e grouse Merci fir déi exzellente Aarbecht, déi hien heibannen, awer och um Niveau vun der Regierung geleescht huet.

Jeannot, mir wäerten dech als opriichtegen, agräbelen an engagéierte Kolleeg an Erënnung behalen. Mir wënschen Dir gudden Wand fir deng weider berufflech Carrière, awer ganz besonnesch an dengem Lieblingshobby, dem Segelen.

Merci Jeannot.

(Applaudissements)

7. 6378 - Projet de loi adaptant certaines modalités d'application de l'échelle mobile des salaires et des traitements et modifiant l'article 11 de la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État (suite)

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6378 et dispense du second vote constitutionnel

Sou! Mir kommen dann elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 6378. D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi ass ugeholl mat 53 Jo-Stëmmen, géint 6 Nee-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Mme Tessa Scholtes, MM. Marc Spautz, Lucien Weiler, Raymond Weydert, Serge Wilmes et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Ben Fayot,

Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri et Ben Scheuer;

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par M. Carlo Wagner), MM. Fernand Etgen, Paul Helminger, Claude Meisch, Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché et Viviane Loschetter (par M. François Bausch).

Ont voté non: Mme Vera Spautz;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser;

M. Serge Urbany.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Motion 1

Da kéime mer elo nach zum Vote fir d'Éischt iwwert d'Motioun vun deene Gréngen. Wann ech de Statsminister richteg verstanen hunn, ass e souwuel fir wéi géint d'Motioun.

► **Une voix.** - Ha!

► **M. le Président.** - Esou datt ech elo net direkt weess, wat mer hei sollen ofstëmmen.

► **Une voix.** - Ech weess et och net!

► **M. le Président.** - Mä de François Bausch als Matauteur vun der Motioun freet d'Wuert.

► **M. François Bausch (déi gréng).** - Wann d'CSV sech un d'Wieder vum Premierminister hält, da géif ech proposéieren, datt se kënnen zweemol ofstëmmen.

(Hilarité)

Eng Kéier mat Jo an enger mat Neen.

(Interruptions)

► **M. le Président.** - Den Här Urbany freet d'Wuert.

► **M. Serge Urbany (déi Lénk).** - Voilà! Här President, Merci. Ech wollt eigentlech virdrun d'Parole après ministre froen. Dat ass elo e bësse séier gaangen. Op eemol ware mer hei an enger Abschiedsfeier.

(Hilarité)

Ech wëll mech awer och de Wënsch un den Här Krecké op e gutt Segelen uschlëssen.

Dovun awer ofgesinn, wëll ech awer nach eppes soen, wat den Här Juncker hei gesot huet. An ech kommen herno och nach op déi Motioun hei vlächcht kuerz ze schwätzen. Den Här Juncker huet gesot: 2009 hu mer d'Steieren erofgesat an et ass awer net an de Konsum investéiert ginn. Wann also net an de Konsum investéiert ginn ass, dann ass jo wuel anzweusch anescht eppes mat deene Sue geschitt. Dat heescht, déi Sue si gespuert ginn, a Form wahrscheinlech vu finanziellen Anlagen, wou Zënse kasséiert gi sinn. Dat ass natierlech e schéint Geschäft gewiescht, jee nodeem, wat fir Finanzprodukten een do a sengem Portefeuille hat.

Wann ee griichesche Obligationen hat, dann huet een eventuell 18% Zënse dorobber kritt. Ech mengen, et ass datselwecht geschitt mat deenen Indexmanipulationen hei, déi jo a Wierklechkeet e Cadeau si fir d'Patronen. Et ass e Louncadeau. Si brauchen dat net als Léin auszebezuelen. Also, wat maache se dermat? Wahrscheinlech zu engem gudden Deel, vu dass jo net méi vill investéiert gëtt hei am Land - mir musse jo Investisseure vun iwwerall erbäi siche goen, et ass méi interessant, ze investéieren soss an der Welt iwwer Investitionsfongen an esou weider - wahrscheinlech ginn déi Suen dann och do geholl, fir an d'Spekulativindustrie weiderhin ze investéieren, well einfach do méi Rendement ass, méi Gewënn do ass.

A wat ass mat deem Gewënn? Wat geschitt mat deem Gewënn? Dee féiert och derzou, dass an der Realwirtschaft Aarbechtsplaze verschwannen. Loosse mer eis do näischt virmaachen. Do geschitt zum Beispill esou eppes, wat een „Licenciements boursiers“ nennt. Do gi ganz Betriber zougemaach, wa se zwar nach, wéi d'Dikrecher Brauerei, vun Interessi si fir eng ganz Bevölkerung, mä wann net méi genuch Rendement drop geschitt a se besser anzweusch anescht délocaliséiert ginn.

Dat ass dat Resultat am Fong geholl vun där Finanzwirtschaft, déi verschidde Leit hei zu Recht kritiséiert hunn. Mä wat maache mer hei mat deem Gesetz? Mir fördern nach weider déi Finanzwirtschaft. Dat ass de Problem.

Wat mer bräichten, dat ass, dass d'Suen erëm eng Kéier - öffentlech iwwer Fongen zum Beispill - investéiert ginn an d'Économie hei am Land an hei an der Géigend, an hei Aarbechtsplaze schafen. Déi Aarbechtsplazen, déi wäerten eng Kéier Cotisatione bréngen fir hei an eis Sécurité sociale, am Plaz dass d'Reserv vun der

Sécurité sociale, zéng Milliarden oder eefel Milliarden geholl ginn, fir Aktien ze kafen a Brasilien an ech weess net wou.

Dat ass déi Économie financière, wou jo festgehale ginn ass emol an der Zäit, dass déi schëlleg ass un deem ganze Misär, dee mer hunn, a wou mer gesot hunn: „Mir bezuelen net fir hir Kris.“ Genau dat ass dat, wat mer elo maachen.

An duerfir, mengen ech, wëll ech nach eng Kéier soen: Hei kënnt et drop un, fir géint dat Gesetz ze stëmmen. Ech begrëisse guer net, dass esou eng grouss Majoritéit hei offensichtlech do ass, fir dat Gesetz...

► **M. le Président.** - Här Urbany, Dir misst awer elo zum Schluss kommen.

► **M. Serge Urbany (déi Lénk).** - Ech mengen, d'Parole après ministre huet zwar fënnf Minutten, mä bon! Ech sinn direkt fäerdeg.

Ech begrëssen et guer net, déi Unanimitéit oder déi quasi Unanimitéit, déi hei besteet, well et muss ee wëssen - an dovun ass hei net vill geschwat ginn -, dobaussen déi Verrieder vun deene Salariéen, déi maachen iwwer 90% vun der Bevölkerung aus zu Lëtzebuerg - Lëtzebuerg ass eng Salariéengesellschaft -, déi Verrieder sinn unanime géint dat, wat mer hei votéieren. Dat muss ee wëssen! Et geet elo net, zu Mutfert Resolutionen ze stëmmen an hei de Contraire ze maachen! Hei ass Mutfert! Hei muss Der sprangen, Dir Hären!

(Interruptions)

► **M. le Président.** - Sou! Merci dem Här Urbany. An den Här Premier kritt elo d'Wuert.

► **M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'État.** - Här President, et ass meng Gewunnecht, all Deputéierten ze äntwerten, besonnesch wann en d'Chambersreglement notzt, fir nach no mir eng Kéier kënnen ze schwätzen. Ech weess net, ob dat zweemol geet. Ech hoffen net.

Ech wollt just soen, dass een ee komescht Bild vun de Lëtzebuerger Patronen muss hunn, fir elo ze mengen, all Suen, déi géifen agespuert ginn duerch déi Verschiebung vun dem Index, géifen a spekulative Kapitalprodukter ugeluecht ginn. Dass et e puer Gelungener gëtt, déi dat maachen, mag jo sinn, mä ech mengen awer net, dass deen, dee mat zwee, dräi Leit schafft a senger Metzgerei, a senger Bäckerei, a senger Épicerie, a sengem klengen Buttek, dass deen elo ufänkt, sech de Finanzmäert do an d'Äerm ze geheien.

Hutt e bësse Respekt fir Leit, déi eng aner Aarbecht maache wéi Dir. Dat si Leit, déi haart schaffen. Déi kommen elo zu besserer Geschäftresultater. Déi kënnen domat, wa se et wëllen, d'Paie vun hire Leit erhéien. Déi kënnen domat d'Aarbechtskonditione verbesseren. Déi kënnen domat derfir suergen, dass hire Betrib eng besser Zukunft huet. Gitt net dervun aus, dass jiddwereen esou sech a perverse Finanzprodukter verleeft.

Jiddefalls déi Suen, déi de Stat spuert, déi investéieren mer net do, wou ech se och net géif investéieren, wann ech der selwer hätt.

Dat Zweet, wat ech wëll soen: Dir kënnt dat Spill do driewen - an do wënschen ech mat mir ganz vill Freed! -, mä fir elo d'Regierung an och hire Chef hei an Opposition ze bréngen zum Salarat hei am Land an an déi geeschteg a materiell Noperschaft vum Grousskapital ze schreiwen, wësst Der, Här Urbany, ech kann lech soen: Dee Strutz geet an d'Box! Dat wäert lech net geléngen.

Et ka jo sinn, dass d'Organisationen, déi d'Salarat verrieden, hei dergéint sinn. Wa mer vum gedeckelten Index schwätzen, da schwätzen ech vu Kongressrevolutionen vun de Gewerkschaften aus de 70er an den 80er Joren. Ech war selwer derbäi. Ech war deen Éischten, deen d'Hand an der Luucht hat, nach virum Spautze Jang, wéi fir de gedeckelten Index gestëmmt ginn ass.

Ausserdeem hunn ech den Androck, dass vun deene Leit, déi hei am Land schaffe ginn, der och vill sinn, déi mech gewielt hunn.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Mir missten dann awer elo och iwwert déi Motioun do ofstëmmen. Wa soss keng Wuertmeldung méi ass, da géife mer ufänke mam Ofstëmmen.

Vote sur la motion 1

D'Ofstëmmung fänkt un. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

An déi Motioun ass verworf mat 43 Nee-Stëmmen, géint 16 Jo-Stëmmen.

Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par Mme



Nancy Arendt), MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Mme Tessy Scholtes, MM. Marc Spautz, Lucien Weiler, Raymond Weydert, Serge Wilmes et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. Alex Bodry), MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein (par M. Ben Fayot), Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser;

M. Serge Urbany.

Ont voté oui: MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par M. Xavier Bettel), MM. Fernand Etgen, Paul Helminger, Claude Meisch, Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché et Viviane Loschetter (par M. Claude Adam).

Résolution 1 modifiée en motion 2

Dann hu mer hei nach eng Resolutioun vum Här Henckes, wou ech mech awer froen, ob se ganz recevabel ass, well a sech eng Resolutioun sech un d'Chamber adresséiert, an hei gëtt éischter eppes vun der Regierung gefrot. Duerfir ass einfach d'Fro, ob net dat misst vläicht an eng Motioun ëmgewandelt ginn.

Bon, gutt! Ech wëll vläicht fir d'Éischt, well et geet jo och elo emol hei ëm de Contenu vun där Resolutioun, froen, ob nach een dozou wëllt d'Wuert huelen.

Den Här Bausch, wann ech gelift.

► **M. François Bausch** (déi gréng).- Jo, Här President. Ech wëll heizou dräi Saache soen.

Dat Éischt ass, datt den Här Henckes manifestement nach kee Saz vun der Direktiv gelies huet, déi vun der Kommissioun proposéiert ginn ass, wat d'Finanztransaktionssteuer ubelaangt, well soss kéint en esou eppes wéi dat hei net schreiwen. Ech wëll e just drop hiweisen, datt dee Projet elo esou ausgeriicht ass, datt, wann zum Beispill, ech ginn lech just ee Beispill, een däitsche Bierger dann zu London - wann d'Londoner City jo net an der Finanztransaktionssteuer da mat dra wär, well mer et nëmmen am EUR-Raum géife maachen - iergendee Produit kafe geet, iergendeng Transaktioun mécht, da gëtt déi Steuer awer erhuewen, well et ass de Pays d'origine: Et muss nëmmen een eenzegen Acteur vun all deenen, déi an der Transaktioun dra sinn, an deene 17 EU-Länner dra si - wa mer den Euroraum elo géifen huelen -, da gëtt d'Steuer erhuewen, egal wou d'Transaktioun gemaach ginn ass op der Welt.

Duerfir, Dir hutt deen Text emol net fir fënnf Sou gelies, soss kéint Der esou Saache wéi dat do net schreiwen.

Dat Zweet ass, wann Der hei schreift, dat hätt esou eng „dramatescht“ Inzidenz op de Finanzsektor, da wëll ech lech soen: 0,1 oder 0,01 - et hantk jo dervun of, ëm wat fir eng Produkter datt et geet - Prozent Steieren ze bezuelen, wann Der dat als äusserst dramatesch emfannt oder wann Der mengt, datt dat kéint duergoen, fir datt Der ongeheierlech Verlagerunge kritt vun Aktivitéiten, da soen ech lech, da kënne mer hei zu Lëtzebuerg apake bei all Diskussioun iwwer iergendwellech Steueradaptatiounen no uewen, déi déi do Leit be treffen, well da géif dat jo mat Sécherheet ëmmer zu enger gréisserer Katastroph féieren.

Ech wëllt lech just soen: Mir hu scho méi wéi eng Kéier fir Kapitalgesellschaften an der Geschicht Steiere gehéicht, dann hat dat awer net virdru méi wesentlech, substanzuell, dann hat dat net déi dramatesch Konsequenzen.

Dat Drëtt ass awer: Fir eis ass et wichteg aus zwee Grënn, datt déi Steuer kënnt. Deen een ass, well se eng kloer Inzidenz huet op dat, wat eigentlech dat Geféierlechst ass a wat eis an déi Finanzkris - a mat am meeschten - bruecht huet, nämlech op de sekondeschnellen Handel vu verschiddene Leit op de Finanzmäert, datt mer dee mindestens ofgebremst kréien - ënnerbonne kréie mer en net -, mä datt mer en ofgebremst kréien. Well et ass dat, wat schiedlech ass. An et ass dat, wat hei soll ugestriift ginn.

Do kënne mer all, an och d'Finanzplaz Lëtzebuerg, nëmmen en Intérêt drun hunn, well bis elo ass d'Finanzplaz Lëtzebuerg an där Finanzkris mat engem bloen A dervukomm. Mir hunn zwar zwou systemesch Banke misse bis elo retten, mä et ka bei deem nächste Schock, dee kënnt, emol eng Kéier duerchaus sinn, datt mir och an der iredescher Situatioun sinn. An duerfir ass et extrem wichteg, datt mer hei usetzen. Duerfir muss een och de Courage hunn, dat doten ze maachen, en Usaz ze maachen.

An dann ee leschte Punkt ass, dat wëll ech lech soen: Deen, dee mengt, mir géifen an deenen nächste Joren och weltwäit net iwwert d'Méi-

besteuerung vu Kapital diskutéieren, dee leeft op engem anere Planéit. Dir braucht lech nëmmen déi Diskussioun unzekucken, déi de President Obama a senger leschter Ried an den USA an de Kär gesat huet vu senger Ried, nämlech d'Gerechtegkeet an eiser Gesellschaft, haapt-sächlech d'Gerechtegkeet an der Besteuerung tëschent groussem Verméige respektiv Leit, déi schnell kënne e grousst Verméige maachen, an normale Bierger.

Da weess een, wann een dat vergläicht mat där Diskussioun, déi elo a Frankräich leeft ronderëm d'Wahlen, an och an anere Länner, datt ee wierklech um Mount leeft, wann ee mengt, déi Diskussioun kéim net esou oder esou an deenen nächste Joren.

Aus deene Grënn, Här President, wäerte mir selbstverständlech ganz kloer géint dës Resolutioun oder Motioun stëmmen, oder wéi se och ëmmer wäert heeschen.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Den Här Henckes nach eng Kéier.

► **M. Jacques-Yves Henckes** (ADR).- Här President, ech ginn zou, datt mer eng kleng Debatt haten, wéi mer dat heite sollte formuléieren, well mer als Iddi haten, fir d'Regierung ze ënnerstëtzen an hirer Ausso, fir géint eng Transaktionssteuer ze sinn, wann et net géif au niveau mondial duerchgesat ginn.

Mir hunn dat richteg fonnt an dofir hate mer geduecht, datt d'Chamber sech soll als Resolutioun ginn, fir d'Regierung op deem Punkt do ze ënnerstëtzen. Mä mir sinn natierlech och gäre bereet, wann dat formell méi richteg ass vis-à-vis vun onsem Reglement, fir ze soen, dat wier eng Motioun. Da géife mer net méi «soutient le Gouvernement» soen, mä «invite le Gouvernement à persévérer dans sa volonté de faire dépendre l'introduction d'une taxe sur les transactions financières de l'application d'une telle taxe simultanément dans l'ensemble des places financières mondiales.»

Motion 2

La Chambre des Députés,

- considérant que l'introduction d'une «taxe sur les transactions financières» est justifiée en soi mais qu'elle n'a de sens et qu'elle ne peut être efficace que si elle est appliquée dans les principaux centres bancaires européens mais aussi mondiaux;

- considérant que les risques d'une délocalisation des transactions financières des places financières européennes qui l'adopteraient vers des places financières qui n'appliqueraient pas cette taxe sont patents;

invite le Gouvernement

- à persévérer dans sa volonté de faire dépendre l'introduction d'une taxe sur les transactions financières de l'application d'une telle taxe simultanément dans l'ensemble des places financières mondiales.

(s.) Jacques-Yves Henckes, Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser, Serge Urbany.

Woufir? Well mer ganz genau wëssen, datt, wa mer esou eng Finanzéierungstax, esou eng Tax aféieren zu Lëtzebuerg, an Däitschland an a Frankräich, da si se den Dag drop pour le moins zu London oder zu Hongkong oder egal wou. Mä op jidde Fall, dann hu mir null Euro Tax. Mir hu just nure manner Akommes, an et huet ee besser deen Ablack...

(Interruption)

Jo, ech ech hunn den Text just gutt gelies...

► **M. François Bausch** (déi gréng).- Neen, Dir hutt en net gelies.

► **M. Jacques-Yves Henckes** (ADR).- ...an ech weess ganz genau, datt et mat deem System net wäert duerchoen. D'Engländer hu scho gesot gehat, si géife sech net drun halen. An domadder ass d'Direktiv vum Dësch! Da brauch een also net laang driwwer ze diskutéieren. An den Dag drop ass se... An ech sinn nach ëmmer der Meenung, datt ee besser huet, 10% Steiere vun eppes ze hunn, wéi 90% Steiere vun näischt!

► **M. le Président.**- Sou! Den Här Premier, wann ech gelift.

► **M. Jean-Claude Juncker**, Premier Ministre, Ministre d'État.- Här President, ech hunn elo, mengen ech, schonn ongeféier 30 Stonne vu mengem klenge Liewen zu Bréissel a soss doruechter mat Diskussiounen iwwert d'Finanztransaktionssteuer verbruecht. An et ass jo ganz evident, onofhängeg vum Instrument, wat gewielt gëtt, dass de Finanzsektor...

(Interruption)

...muss an eng staark Kofinanzéierungssolidaritéit agebonne ginn. Mä iwwer wat fir ee Wee dass een dat mécht a mat wat fir engem ge-

nauen Instrument dass een dat mécht, do ginn d'Meenunge ganz wäit auserseen.

Ech gesinn d'Verhandlungsposition vun der Regierung net gestärkt, wa mer esou eng Motioun hei gestëmmt kréien. Fir an eng Verhandlung ze goen, nodeem een a sengem Parlament gesot kritt huet: „Gitt eraus, wa se ufänken, doriwwer ze schwätzen, well Dir dierft dat net matmaachen“, dat kann een an der Tripartite maachen, mä net am Conseil vun de Ministere.

► **M. le Président.**- Gutt! Domadder géife mer elo zur Ofstëmmung iwwert déi ëmgeännert Motioun kommen.

Vote sur la motion 2

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

D'Motioun ass verworf mat 55 Nee-Stëmmen, géint 4 Jo-Stëmmen.

Ont voté non: Mmes Diane Aehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par M. Marc Spautz), MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Mme Tessy Scholtes, MM. Marc Spautz, Lucien Weiler, Raymond Weydert, Serge Wilmes et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. Ben Scheuer), MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz (par M. Marc Angel);

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par M. Xavier Bettel), MM. Fernand Etgen, Paul Helminger, Claude Meisch, Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché et Viviane Loschetter (par M. Camille Gira);

M. Serge Urbany.

Ont voté oui: MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser.

Domadder wär dës Punkt definitiv ofgeschloss.

Haut de Mëtteg héiere mer eng Deklaratioun iwwert d'Positioun vun der Regierung, wat den Traité international sur la stabilité, la coordination et la gouvernance dans l'Union économique et monétaire ugeet. Uschléissend féiert d'Chamber eng Debatt. Ech ginn elo dem Här Statsminister Jean-Claude Juncker d'Wuert.

8. Ordre du jour (suite)

► **M. Jean-Claude Juncker**, Premier Ministre, Ministre d'État.- Här President, maache mer déi Debatt haut oder maache mer se d'nächst Woch?

► **M. le Président.**- Et ass eigentlech virgesinn, Här Statsminister,...

► **M. Jean-Claude Juncker**, Premier Ministre, Ministre d'État.- Jo, jo.

► **M. le Président.**- ...datt mer déi Debatt haut hätten. Et si jo just fënnf Minutte pro Fraktioun virgesinn.

► **M. Jean-Claude Juncker**, Premier Ministre, Ministre d'État.- Haha!

► **Mme Marie-Josée Jacobs**, Ministre de la Famille et de l'Intégration.- A fir de Statsminister eng Stonn?

► **M. le Président.**- Den Här Statsminister huet elo zéng Minutten.

► **Mme Marie-Josée Jacobs**, Ministre de la Famille et de l'Intégration.- Hahaha!

► **M. le Président.**- Jo, et ass virgesinn, datt mer haut déi Debatt sollten hunn. Also...

(Interruption)

Jo, den Här Bausch, wann ech gelift.

(Interruption)

► **M. François Bausch** (déi gréng).- Här President, ech muss soen, also mir hu jo als Fraktioun dat doten ugefrot, an ech muss soen, haut de Mëtteg hu mer elo - wéi vill Auer ass et, hallwer sechs, zwanzeg vir sechs? - bal véier Stonnen diskutéiert iwwert den Index. Dat ass jo de wichtegsten Thema zu Lëtzebuerg.

An effektiv diskutéiere mer elo hei 30 Minutten iwwert dee klengen Detail vun der Fiskalunion an Europa, déi wirtschaftlech an och sozial Implikatiounen kann hunn, jee nodeem, wéi dat ausget, déi vun engem Ausmooss sinn, dat kolossal ka sinn. An eigentlech stéiert eis als

Fraktioun och, datt mer dat esou kuerzfristeg hunn.

Mir wollten awer déi Diskussioun hunn, well mer wëssen, datt den 30. de Sommet ass a well mer gäre wësstens, éischstens, wat d'Regierung den 30. do vertritt op deem Sommet, an zweetens natierlech och, fir datt d'Regierung weess mindestens, wat d'Fraktiounen am Parlament zu deem Sujet gären hätten oder wat hir Meenung ass. D'autant plus, wou et jo awer herno vläicht net onwichtig ass - jee nodeem, wat fir een Text datt een hei zréckkritt, wou ee jo eng Zweek-Drëttel-Majoritéit eventuell brauch -, fir ze kucken, wéi dann d'Parlament sech dozou stellt.

Elo, den 30. ass... Wéini ass dat?

► **Plusieurs voix.**- E Méindeg.

► **M. François Bausch** (déi gréng).- Dat ass den nächste Méindeg. Ech gesinn dat duerfir relativ schwieereg, fir dat en aneren Dag ze maache wéi haut. An ech wär awer duerfir frou, wa mer déi Debatt haut kéinte féieren, aus deem Grond, a wa mer och eng Deklaratioun kéinte kréien.

► **M. Jean-Claude Juncker**, Premier Ministre, Ministre d'État.- Ech si prett, mä net an zéng Minutten.

► **M. le Président.**- Jo. Ech mengen, dat ass kee Problem, Här Statsminister, wann dat méi laang dauert. Dann...

(Interruption)

Jo, jo, Här Kartheiser. Et ass jo elo... Den Här Statsminister schwätzt jo. Ech weess elo net, firwat datt Dir elo wëllt intervenéieren.

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Wann den Här Bausch kann doriwwer e Kommentar ofginn...

► **M. le Président.**- Jo, neen, mä ech mengen, den Här Bausch huet elo eng... Mir hunn en Ordre du jour. Elo schwätzt den Här Statsminister, an duerno kënnt Dir oder Är Fraktioun - Dir sidd jo ageschriwwen - jo dann do Är Meenung derzou soen. Elo héiere mer de Statsminister wann ech gelift.

9. Déclaration sur la position du Gouvernement luxembourgeois à l'égard du Traité international sur la stabilité, la coordination et la gouvernance dans l'Union économique et monétaire (suivie d'un débat)

► **M. Jean-Claude Juncker**, Premier Ministre, Ministre d'État.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, deen „Vertrag iwwert d'Fiskalunion“, wéi e vereinfacht heescht, mä vläicht ass och net méi dra wéi dat, dee soll den nächste Méindeg vum Conseil européen zu Bréissel behandelt ginn.

Dee Vertrag ass prinzipiell décidéiert gi vun de Stats- a Regierungschefen den 8. an 9. Dezember zu Bréissel, an et hu Sitzungen den 20. Dezember, de 6. Januar an den 12. Januar um Niveau vun de Statssekretären an den Directeur-du-Trésore vun de Finanzministere stattfonnt. Déi Konferenz ass geleet gi vum Lëtzebuerger Directeur du Trésor. An de leschten 23. Januar hunn d'Finanzministere zu Bréissel ënner menger Présidence doriwwer beroden - d'Finanzministere vun deene 27 Länner, an net nëmmen déi vun der Eurogroup, well déi 27 mech gebieden haten, déi Présidence do ze féieren.

Dee Vertrag, deen nach net a senger endgültiger Versioun virläit - ech loosse, soubal wéi ech dee Vertrag vum Här Van Rompuy zougestallt kréien, deen der Chamber selbstverständlech nach virum Weekend zoukommen -, dee setzt sech aus 24 Considérenten an aus 17 Artikelen zesummen. Esou dass et e bësse kéng ass, fir ze mengen, dat kéint een hei am Schnelldurchgang am Telegrammstil ofwéckelen, well et si jo awer Elementer dran, déi et a sech hunn, obschonn ee Vertrag vu 17 Artikelen eigentlech, wann ech vergläiche mat de Grondverträge vun der Europäescher Union, nëmmen de Qualificatif vun engem klenge Vertrag verdéngt.

Et ass en exceptionnelle Vertrag, well et ee Vertrag zu 26 ass. Dofir ass et och kee Vertrag, deen am Regelwierk vun der Europäescher Union zustane kënnt, mä en zwëschestaatleche Vertrag tëscht 26 State vun der Europäescher Union. Dir wësst, dass Groussbritannien seng Distanze par rapport zu deem Vertrag geholl huet. Dee gëllt also fir déi 17 Eurostaten, plus déi aner fräiwëlleg Matfuerer.